ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzegt Sécherheet an un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Leider huelen d'Fäll vu Gewalt géint Persounen zou, notamment op der Strooss. D'Police kann net iwwerall sinn, an och zu Lëtzebuerg gëtt reegelméisseg vu rechtsfräien Zonen (zones de non droit) geschwat.

E probat Mëttel, dat et eenzel Persounen erlaabt sech géint kriminell Persounen ze wieren, ass de sougenannte „Pefferspray". An der Europäescher Unioun gëtt et, fir de Pefferspray, verschidde Legislatiounen. Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner, wou de Pefferspray als verbuede Waff considéréiert gëtt. Domadder ass de Verkaf, de Besëtz an de Gebrauch vum Pefferspray zu Lëtzebuerg verbueden.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Fro stellen:

Ass d'Regierung bereet, d'Reglementatioun iwwert de Verkaf, de Besetz an de Gebrauch vum Pefferspray ze iwwerdenken, an sech dobäi um franséische Modell (décret N° 2013-700 du 30 juillet 2013) ze orientéieren?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten